N° 5605
Reçue le 28.01.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 28.01.2022

Lëtzebuerg, den 28. Januar 2022

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG


DEMOKRATESCH PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu


Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung weiderzeleeden:

*„No de schroen Iwwerschwemmunge vum Juli 2021 hu vill betraffe Leit a Gemengen decidéiert, präventiv Mesuren ze huelen fir z'evitéieren, dass et nach eng Kéier zu sou dramateschen Szeene kënnt. De Waasserfong iwwerhëlt an deem Kader 75% vun de Käschten vu Mesurë fir den Héichwaasserschutz ze verstäerken. Bei grouss ugeluechte Moossname fir ganz Uertschaften sinn et esouguer 90%.*

*An deem Kader wollte mir der Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung folgend Froe stellen:*

- *Wéi vill Demandë sinn bis ewell am Ministère erakomm?*
- *Wéi vill Demandë si schonn traitéiert ginn? Wéi vill Demandë stinn nach op?*
- *Wéi vill Subventioune si schonn ausbezulet ginn? Wéi ee Montant ass an deem Kader ausbezuelt ginn?*
- *Fir wéi eng Mesurë ginn Subventiounen ugefrot?*
- *Kann d'Madamm Ministesch confirméieren, dass déi jeeweileg Mesuren eréischt ëmgesat kënne ginn, wann d'Demande fir eng Subventioun accordéiert ginn ass, an een am anere Fall net méi eligibel fir eng Subventioun ass?*

- *Wann deem sou ass, ass d'Madamm Ministesch net der Meenung, dass d'Mesuren zum Schutz virun Héichwaasser esou séier wéi méiglech misste kënnen realiséiert ginn?"*

Mat déiwem Respekt,

| | |
|---|---|
| Max HAHN<br>Deputéierten | Carole HARTMANN<br>Deputéiert |

N°5605
Reçue le 04.03.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

**Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n° 5605 vum 28. Januar 2022 vun den éierwäerten Deputéierten Här Max Hahn a Madamm Carole Hartmann iwwert "Mesures de protection contre les inondations"**

**Wéi vill Demandë sinn bis ewell am Ministère erakomm?**

Zënter Mëtt Juli 2021 sinn 48 Demanden erakomm, dovun 24 vu Gemengen a 24 vu Privatleit / Promoteuren.

**Wéi vill Demandë si schonn traitéiert ginn? Wéi vill Demandë stinn nach op?**

Vun den 48 Demanden déi eragereecht goufen, sinn der 15 traitéiert ginn an 33 stinn der nach op well d'Planung mat de Gemenge, respektiv de Privatleit um Terrain nach leeft. (Stand: 15. Februar 2022). Vun deenen 33 Demanden déi nach opstinn, goufen der 26 nom 18. November 2021 eragereecht.

**Wéi vill Subventioune si schonn ausbezuelt ginn? Wéi ee Montant ass an deem Kader ausbezuelt ginn?**

Zënter Mëtt Juli 2021 goufe Subsiden an Héicht vun engem Gesamtmontant vun 6.048.307 € engagéiert; 1 Paiement an Héicht vun 32.202,63 € gouf zënterhier ausbezuelt.

**Fir wéi eng Mesurë ginn Subventiounen ugefrot?**

Et si Subsiden ugefrot ginn vu Gemengen fir Héichwaasser- a Starkreenschutzkonzepter auszeschaffen, souwéi och fir lokal Schutzmoossnamen oder de Renforcement vun bestoende Moossnamen. Vu Privatleit si Subsiden ugefrot ginn fir individuell Schutzmoossnamen, ënnert anerem amovibel Mauersystemer, dicht Fënsteren, Dieren a Garagendieren.

**Kann d'Madamm Ministesch confirméieren, dass déi jeeweileg Mesuren eréischt ëmgesat kënne ginn, wann d'Demande fir eng Subventioun accordéiert ginn ass, an een am anere Fall net méi eligibel fir eng Subventioun ass?**

Dat kann konfirméiert ginn an ass nozeliesen am Waassergesetz am Artikel 66 Paragraph 2) dee beseet, dass eng "approbation préalable" vum Minister gebraucht gëtt fir des Projeten. Dat ass awer fir all Ausgaben vun dem FGE säit senger Grënnung am Joer 1999 de Fall.

**Wann deem sou ass, ass d'Madamm Ministesch net der Meenung, dass d'Mesuren zum Schutz virun Héichwaasser esou séier wéi méiglech misste kënnen realiséiert ginn?**

D'Demanden ginn esou séier wéi méiglech ofgeschafft. D'Zil ass et awer och, dass déi subventionéiert Installatiounen wierklech sënnvoll sinn.

Lëtzebuerg, den 4. März 2022
(s.) Carole Dieschbourg
Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung